



Prise de position du Gouvernement

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren Deputéiert, vu dass et spéit ass, hat ech d'Intentioun, fir vun do hannen ze äntwären, mee well jiddereen hei säi Pefferkär wëllt drasetzen an doduerch awer dat, mengen ech, wat hei erreecht ginn ass, net an dat richteg Licht gestallt gëtt, muss ech hei e bësse méi wäit aushuelen.

Ech géif gäre fir d'éischt dem Deputéierte Guy Arendt villmools Merci soe fir säi Bericht, dee ganz ausféierlech war. Et ass vläicht eng technesch Matière, Steiere sinn ëmmer eng technesch Matière, mee hei sinn 100.000 Frontaliere betraff. 100.000 aus dem Frankräich!

An ech wëllt ufänken, andeem ech de franséischen Autoritéiten an haaptsächlech dem Bruno Le Maire hei Merci soen, dass en en fait seng Positioun geännert huet. Also fir dat hei duerstellen, wéi wa mir e Feeler gemaach hätten oder schlecht negociéiert hätten, ass einfach mauvaise Foi, ganz einfach mauvaise Foi! Dat mécht mech wierklech rosen: wéi wa mir hei eppes falsch gemaach hätten!

All Land an enger bilateraler Konventioun kann e System wielen, an zwar entweeder d'Land hält de Système d'exemption oder et hält de Système d'imputation. Ech ginn net an d'Detailer fir ze erklären, den Här Arendt huet dat super gemaach. A mir hunn ëmmer d'Exemptioun applizéiert bis 2018 als Lëtzebuerger par rapport zu de Fransousen. An d'Fransousen hunn och ëmmer d'Exemptioun adoptéiert.

Jo, Lëtzebuerg kann awer net derfir, wa Frankräich 2018 d'Meenung ännert a seet: „Ech applizéiere gär déi aner!“ Dat ass an der OCDE virgesinn, dass ee kann déi eng oder déi aner wielen. D'Fransousen hu souverän decidéiert, si wëilten déi aner maachen.

An zu där ganzer Konventioun wëll ech ënnersträichen, well kee Wuert driwwer gesot ginn ass, dass mer eng „exzellent“ Netduebelbesteuerungskonventioun mat Frankräich ausgehandelt hunn, mat deem Land, wat eis laang am meeschte kritiséiert huet als „paradis fiscal“, well mer hei net géife maachen, do net géife maachen, well mer op enger schwaarzer Lëscht sinn. Do hu mir e super Accord negociéiert. Doriwwer héieren ech kee Wuert, kee Wuert!

Mee ech héieren awer nëmmen, mir hätten eppes falsch gemaach. An ech géif hei missen an d'Regierung misst enges Bessere beléiert ginn. Mir géifen hei eng Datz kréien! Dat ass dach ridicule, fir esou eppes ze soen, komplett ridicule! Also méi kann een d'Saachen net verdréien. Et mécht mech verdrësslech, dass een d'Leit hei wierklech un der Nues erëmféiert an hinne falsch Saache seet.

A wat hu mer fäerdegbruecht? Ech hu mam Här Le Maire laang ... net gestriden, mee ech hunn em Argumenter ginn, firwat dat heiten net gutt wier. A wat huet den Här Le Maire agesinn? En huet gesot: „Richtig! Dat ass net gutt, mir änneren dat.“ Ech hu fäerdegbruecht, dass dat grousst Land Frankräich d'Meenung ännert. Eh ben, ech kann lech soen: „Dat ass rarement de Fall, an hei ass dat geschitt!“

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Här Finanzminister, erlaabt Der, datt den Här Mosar lech eng Fro stellt?

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Nee, ech maache mäi Rasonnement elo mol fäerdeg.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Pour fait personnel.

(Brouhaha)

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Ech hu gesot kritt, ech géif hei eng Datz kréien, eng Datz! Ech kann dat net akzeptéieren. Ech kann dat einfach net akzeptéieren! An ech ...

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Dir héiert dat net gären.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Nee, nee, ech héieren dat net gär, wann et net berechtegt ass!

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Da loosst mech vläicht ...

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Herno kënnt Der driwwer schwätzen. Ech maachen elo mol mäi Rasonnement fäerdeg.

Dat anert, wat eis hei opfällt, dat ass, dass een, deem de Mindestloun zu Lëtzebuerg verdéngt als Frontalier, e Fransous, 1.700 Euro Steieren d'Joer bezilt an am Frankräich bezilt en der 2.000 oder 2.100. Siehe da, hei zu Lëtzebuerg

sinn d'Steiere méi niddreg wéi am Frankräich op klenge Gehälter! Ech géif dat och wëllen ënnersträichen.

A firwat ass dat? Majo, well mer d'Steierreform gemaach hu vun 2017. A firwat ass dat nach méi? Dat ass, well mer de Crédit d'impôt salaire social minimum gemaach hunn, soss géif sech dee Problem guer net sou vill stellen. Dat heescht, alles wat mir hei gemaach hunn, dat huet Repercussioune positiver Natur fir all déi Frontalieren, déi hei schaffen. An doduerch, dass elo de System geännert gëtt, ginn déi franséisch Frontalieren heivunner net penaliséiert.

An dann eng zweet Saach: Teletravail. Och do ass et mer gelongen, de Bruno Le Maire ze iwwerzeegen, fir elo Flexibilitéit ze weisen. An ech wëll em do och explizitt Merci soen. Déi Noriicht ass jo eréischt een, zwee Deeg al, dass an der Period vum Coronavirus elo am Teletravail déi Deeg, wou baussent Lëtzebuerg geschafft ginn ass, net gerechent ginn, dass déi neutraliséiert ginn. Dat bréngt de Frontaliere ganz vill Rou. An dat ass emol eng gutt Saach, fiskalesch gesinn. Mee dat Allerwichtigst ass, dass d'Leit kënnen op Distanz schaffen, ouni sech doriwwer Sorgen ze maachen. Domat maache mer och eppes fir d'Santé vun de Frontalieren an d'Santé vun alle Leit hei am Land.

Dat hei ass also eng super Saach, dass mer dat esou séier konnte maachen, well dat applizéiert sech jo elo scho fir d'Joer 2020, dass mer déi Modifikatiounen hunn. Et ass also am Interêt vu Lëtzebuerg an et ass am Interêt vu Frankräich. A Lëtzebuerg huet hei eng gutt Verhandlung gefouert vun Ufank un an huet elo fäerdegbruecht, eis franséisch Kollegen op déi al Method zrëckzebréngen. An ech mengen, doriwwer misste mer eis all kënne freeën.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Mosar huet d'Wuert gefrot.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Här Finanzminister, ech mengen, wann Der d'Saache schonn esou duerstellt, da stellt se ... Wéi mir déi éischt Konventioun diskutéiert hunn, d'Haaptkonventioun - den Här Clement huet et virdu richtegerweis ënnerstrach -, hunn eng ganz Rei vu Chambre-professionnellen op dee Problem vun där Duebelbesteuerung higewisen. Mir selwer, ech hunn et an der Kommissioun gesot. Well contrairement zu deem, wat Dir haapt hat, haten d'Fransousen effektiv ..., oder waren d'Fransousen am Punkt, fir hire System ze änneren, an duerfir ass op dee Punkt higewise ginn an de Rapporten, liest et, wannech gelift, no! Net nëmme mir hunn et gesot, mee och déi verschidde Chambre-professionnellen.

Dir hutt lech do dee Moment driwwer ewechgesat an elo musse mer do norüsten. Et deet mer leed, dat steet esou an den Avisen zu där éischter Konventioun. Duerfir, Här Minister, bleift, wannechgelift, bei der Wourecht!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech ginn d'Wuert zrëck un den Här Finanzminister.

► **M. Pierre Gramegna**, *Ministre des Finances*.- Jo, mee Här Mosar, Dir hutt elo näischt Neits erkläert! Dir hutt elo dat widerholl, wat Der virdu gesot hutt. An ech setzen dat gären elo hei en perspective. Dir kënnt mir esou vill Recommendationne maachen, wéi Der wëllt, Dir oder d'Chambre-professionnellen: Wann ee mat engem anere Staat negociéiert, da muss deem anere Staat domat d'accord sinn! Dir presentéiert dat, wéi wa mir schlecht verhandelt hätten, dass mir d'Fransousen net iwwerzeegt kruten.

Mir hunn an där Konventioun ganz vill Punkte gehat, och op ville Punkte mat hinne gestriden, a mir hunn e ganz gudden, équilibréierten Accord kritt. Op deem dote Punkt geet et jo en fait ëm d'Fransousen, wéi se bei hinnen a Frankräich besteiert ginn. Sot mir, Här Mosar, erkläert mir, wéi en anert Land, ob dat elo Lëtzebuerg ass oder egal wien dat anert Land ass, wat eng bilateral Konventioun mat Frankräich mécht, wéi dat hinne soll imposéieren, wéi si wëllen hir eege Leit besteieren!? Mir hunn hinne gesot: „Dee System, deem Dir elo wëllt wielen, ass net méi esou favorabel fir Är eege Leit. Mir fannen dat net gutt!“ Natierlech hu mer hinnen dat gesot. A si hu gesot: „Mir wëllen de System änneren.“ Dont acte.

Fir dann der Lëtzebuerger Regierung do e Re-proche ze maachen, ass einfach onéierlech! Ech kann dat net stoe loosse! Dat ass net richtig. An dat huet näischt domat ze din, dass mir lech net nogelauschtert hunn. Wéi wann Dir alles besser wéisst wéi déi aner!

(Hilarité)

Et ass net esou. Ech mengen, Dir verdréit hei d'Realitéit, an dat wollt ech haut hei kloerstellen.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci dem Här Finanzminister. Den Här Mosar freet nach eemol d'Wuert.

► **M. Laurent Mosar** (CSV).- Nee, also nach eng Kéier: Dat do kann ech ... Hei sinn Avisé gewiescht. Och d'Chambre-professionnellen, déi hunn zu deem Zäitpunkt op e Problem higewisen. Ech mengen, dat soll een och unerkennen. Datt dat herno aneschtens gelaf ass, ass e Problem fir sech. Mee ech akzeptéieren do net, datt hei Deputéiert Virwërf gemaach kréien, wa se hir Aarbecht maachen an déi Kriticken, déi an Avisé sinn, och an der Finanzkommissioun virbréngen!

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Ech mengen, et ass alles gesot. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7505. Den Text steet am Document parlementaire 7505⁴.

Ech wollt drop hiweisen, datt den noutwendege Quorum, fir de Vott kënnen ze maachen, ginn ass. Mir maachen e Vote par appel nominal. Duerfir zéie mer fir d'éischt deen Deputéierten, mat deem mer de Vott ufänken, an da fuere mer an alphabetescher Reiefolleg virun.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7505 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un.

Appel nominal (votes personnels)

An da kéime mer elo zu de Votes par procuration. Wie wëllt esou een ofginn?

Appel nominal (votes par procuration)

Dëse Projet de loi ass da mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher (par M. Félix Eischen), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Gilles Roth, Marco Schank (par M. Paul Galles), Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Diane Adehm), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Georges Mischo) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par Mme Lydie Polfer), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn (par M. Gusty Graas), Mme Carole Hartmann (par M. Gilles Baum), MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty (par M. Guy Arendt) et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Yves Cruchten), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Mars Di Bartolomeo), Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen (par M. Dan Biancalana) et Lydia Mutsch (par M. Claude Haagen) ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back (par M. François Benoy), François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Semiray Ahmedova), M. Marc Hansen (par Mme Djuna Bernard), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue (par Mme Josée Lorsché) ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen (par M. Sven Clement) ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

11. 7495 - Projet de loi portant création du Fonds spécial de soutien au développement du logement

De leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 7495 iwwert d'Schafe vun engem Fonds spécial de soutien au développement du logement. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vun deemem Projet, d'Madamm Ahmedova Semiray.

Madamm Ahmedova, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Logement

► **Mme Semiray Ahmedova** (déi gréng), *rapportrice*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kollegen, ech stellen haut e mëndleche Rapport vir zum Gesetzesprojet 7495, mat deem e Spezialfong am Beräich Logement geschafe gëtt.

Dëse Fong ass en Instrument, dat méi eng flexibel Gestiou vum de Suen am Beräich Wunnengsbau erlabe soll. Et ass jo esou, datt e Wunnengsbaugesetz vun 1979 déi staatlech finanziell Hëllef beim Bau vu Constructions d'ensembles virgesäit. Dës Sue sollen an Zukunft iwwer e Spezialfong geréiert ginn.

Dat ass noutwendeg a sënnavoll, well bis elo goufen dës Suen iwwert de Staatsbudget organiséiert. Dat heescht, datt een all Joers huet missen e gewëssene Montant fir déi néideg Ausgaben dofir virgesinn. Dat war awer net ëmmer evident, well d'Projeten am Beräich Wunnengsbau lafen ni just iwwer ee Joer, meeschtens iwwer e puer. D'Ausgaben zéie sech also iwwer e puer Budgetexercicer.

Derbäi kënnt nach, datt een oft Imprevuen an deemem Beräich huet, wéi d'Wiederprovisionen, d'Wiederverhältnisse, administrativ Prozeduren, déi sech méi laang zéien, Failliten, fir der nëmmen e puer ze nennen. Dat alles dréit derzou bäi, datt den Avancement vun den Aarbechten net ëmmer planbar ass.

D'Konsequenz ass déi, datt mer oft en Decalage haten zwëschent deene geplangten Ausgaben an den effektiven Ausgaben. D'Sue goufen net ëmmer opgebraucht a sinn an deem Sënn um Enn vum Exercice einfach verfall.

Mam Fonds spécial gi mer eis en Instrument, mat deem mer déi Contrainté vun der Annualitéit vum Budget wëllen iwwerwannen. Mir ginn eis méi Flexibilitéit, fir Suen iwwer e puer Joer kënnen ze verplangen. Si verfallen net méi no engem Joer, mee bleiwen an deem Sënn an der Reserv vum Fong.

Vläicht nach e puer Wuert iwwert de Fonctionnement vu Spezialfongen. D'Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwert de Budget, d'Kontabilitéit an d'Tresorie vum Staat reegelt d'Fonctionnement vu Spezialfongen. D'Spezialfonge sinn an deem Sënn näischt Neies. Fir e puer Beispiller ze nennen, sinn dat: de Fonds special pour le financement des infrastructures socio-familiales oder nach de Fonds spécial pour le financement des infrastructures d'enseignement privé.

D'Transitioun also vun dem Budget op de Spezialfong ass folgend: Et ginn - mam Vott natierlech vun deemem Gesetz - 21 Budgetsartikelen aus deem aktuelle Staatsbudget an de Fong iwwerdroen. De Fong gëtt ab dem 1. Abrëll, dat heescht am Fong an zéng Deeg, operationell. An deesen Transfer muss natierlech am Viraus geschéien. An Zukunft soll de Fong all Joer iwwer eng Dotatioun vum Staatsbudget alimentéiert ginn.

Am Gesetz ass genau preziséiert, fir wéi eng Zwecker d'Suen am Fong solle benotzt ginn. Et sinn déi selwecht, déi am iwwerschafften 1979er Gesetz zu deenen Hëllef vum dem Wunnengsbau ze fanne sinn.


Hei e puer Beispiller, an ech hu wierklech e Resümee gemaach, well et si wierklech immens vill Saachen, déi domadder subventionéiert ginn: Den Akaf an d'Amenagement vum Terrain, all technesch Infrastrukturen, déi fir den Opbau fir e Wunnensquartier néideg sinn, den Akaf, d'Renovatioun an d'Transformatioun vu besteende Wunnengen, de Bau vu Mietwunnengen, d'Amenagement vu Spillplazen a Gréngflächen.

An am Fong kommen zwee nei Punkten derbäi. Dat wieren am Fong d'Finanzementer vun Etüde vun architektoneschen, urbanen a technesche Bauprojeten, dat wier den éischten, an den zweete Punkt wier de Bau vu Kannerbetreuinginfrastrukturen am Kader vun engem Bauprojet.

Wichtig wier nach ze soe, datt mir méi Transparenz duerch deen neie Fong wäerte kréien. De Logementsministère wäert all Joer e Rapport iwwert d'Fonctionnement an d'Depensé vum Fong publizéieren. De Fong bréngt deemno méi Transparenz an d'Aarbechte vum Logementsministère, besonnesch wat de Suivi vun den Aarbechten am Beräich Wunnengsbau ugeet. An op dës Manéier gëtt och oppe geluecht, wéi eng Acteuren, wéi d'Gemengen, konventionéiert ASBLen, Fondatiounen, sech am Beräich vum abordabele Wunnraum engagieren.

Ech wëll elo kuerz op d'Aarbechten an der Logementskommissioun agoen. De Gesetzesprojet gouf de 6. November 2019 déposiert. De 7. November gouf de Projet de loi eng éischte Kéier an der Logementskommissioun presentéiert. Den éischten Avis vum Staatsrot koom dann den 20. Dezember an hat niewent anere Remarken eng Opposition formelle zu dem Artikel 7. Do stoung nämlech dran, datt d'Konditiounen, wéi d'Subventionen an d'finanziell Hëllef verdeelt ginn, iwwer e Règlement grand-ducal bestëmmt kënne ginn. Dëst betrëfft awer eng Matière réservée à la loi a muss also am Gesetz festgehal ginn an net an engem Règlement.

Den 23. Januar dëst Joer gouf an der Kommissiounssëtzung den éischten Avis vum Staatsrot



analyséiert an et goufen entspriechend Amendementer ugeholl.

D’Kommissioun huet weider decidéiert, déi Ännerung vum 1979er Gesetz net ze maachen, well dat net néideg ass fir de Fonds spécial an deem Sënn. De Staatsrot huet a sengem Avis complémentaire vum 10. Mäerz d’Opposition formelle opgehuewen. D’Avis vum de Beruffskummere sinn och all favorabel zum Projet. Si gesinn am Spezialfong eng wichteg Measure am Kontext vun der Schafung vun abordablem Wunnraum.

De Projet de rapport zum Gesetzesprojet ass den 23. Mäerz (veuillez lire: 12. Mäerz) eestëmmege vun der Kommissioun ugeholl ginn.

Zum Schluss wéilt ech nach festhalen, datt deesen Extrafond derzou bäidréit, fir d’Finanzen am Beräich Wunnengsbau méi flexibel ze gestalten. Op des Manéier gëtt et nach méi einfach, abordable Wunnraum ze schaffen, wat jo eng vun eise Prioritéiten an dëser Legislaturperiode ass: D’Offer un erschwénglechem Wunnraum an de locative Beräich auszubauen.

Heimadder ginn ech dann och den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet. An natierlech wëll ech e grouse Merci soen un all déi, déi un dësem Projet matgewierkt hunn.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools der Madamm Ahmedova.

Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Lies agedroen. Här Lies, Dir hutt d’Wuert.

Discussion générale

► **M. Marc Lies (CSV).**- Merci, Här President, fir d’Wuert. Léif Kolleginnen a Kollegeen, ech wäert et och relativ kuerz maachen op dësem speziellen Dag. Ech wéilt awer trotzdem och am Numm vun der CSV-Fraktioun e puer Wuert zu dësem Projet de loi soen, wat d’Kreatioun vun dësem Spezialfong ugeet, deen, mengen ech, sécherlech och net onbedéngt haut als prioritär hätt missen en place gesat ginn.

D’CSV verschléisst sech dëser Proposition awer sécherlech net. Ëm wat geet et bei dësem Text? Et geet ëm d’Ëmwandlung vun dem Plan de construction d’ensembles, dee momentan schonn am Logementsministère ass, deen dann effektiv an dese Fong soll gegoss ginn.

Ech hunn et gesot: D’CSV verschléisst sech dëser Ëmwandlung net, wann awer verschiddene Recommandatiounen, déi mer an deene leschten Deeg a Woche gemaach hunn, déi an der Kommissioun diskutéiert gi sinn, och Rechnung gedroe gëtt an Zukunft.

D’Kreatioun vun dësem Fong dréit ganz sécher awer net derzou bäi, datt ab deem Moment, wou dese Fong funktionéiert, och méi a méi schnell gebaut gëtt. De Betrag vun 3 Milliounen, dee momentan virgesinn ass, dréit och net zu grouse Spréng bäi.

Mat der Kreatioun vum Fong geet eigentlech méi Transparenz, wou d’Buchungen higinn, verluer, well déi aktuell Budgetartikelen alleguer suppriméiert ginn. An der Praxis fléissen d’Suen och net méi séier, wéi dat bis haut de Fall war.

Ob bei Promoteurs publics, Gemengen oder och bei all aneren Acteurs musse Konventiounen mat dem Logementsministère gemaach ginn, datt souwuel beim Kaf vun Terrainen, der Viabilisatioun vun dësen Terrainen oder dem Bau vu Wunnengen.

Et muss also e Projet virleien, deen approuvéiert muss ginn, an duerno musse Virleeschungen dokumentéiert ginn, ier dat rembourséiert ka ginn. Dat heescht also, datt sech um Wee, wéi d’Projet finanziéiert an un déi öffentlech Bauträger herno rembourséiert ginn, näischt ännert. Dese Fong kann awer als Chance genotzt ginn, fir dee ganzen öffentliche Bauprogramm besser ze kommunizéieren.

Op Ufro vun der CSV huet de Minister confirméiert, datt am Fréijoer vun all Joer dee ganzen öffentliche Bauprogramm der Chamber virgeluecht soll ginn. Dëst géllt esouwuel fir Projeten, déi am Bau sinn, den Opkaf vun Terrainen, d’Viabilisatioun vun dësen Terrainen wéi awer och fir Projeten, déi an der Zukunft sollen ëmgesat ginn. All nei Konventioun soll der Logementskommissioun unhand vun engem Tablo presentéiert ginn.

D’CSV freet och, datt eng analytesch Buchféierung soll en place gesat ginn, fir de Gesamtkäschtepunkt an all Detail pro Projet kënnen ofzuerufen, dëst besonnesch och aus deem Grund, datt keng spezifesch Budgetartikele méi am Staatsbudget gefouert ginn.

Eng analytesch Buchféierung geet natierlech wäit iwwer ee simpele Budgetartikel eraus. Iwwert dës Buchféierung kann de Käschtepunkt

pro Aarbechtslof bei engem Projet duergeluecht ginn. D’CSV verlaangt och, en Abléck iwwert den Opbau vun dëser analytescher Buchféierung ze kréien.

An dësem Sënn soen ech lech Merci fir d’Nolauschteren a ginn heimat och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Lies.

Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Gilles Baum. Här Baum, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Gilles Baum (DP).**- Merci der Rapportrice. Mäi Fraktiounskolleg, de Max Hahn, huet gesot, et wär en exzellent Gesetz, an dofir ginn ech och den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci, Här Baum.

An ech ginn d’Wuert weider un den Här Yves Cruchten.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).**- Merci, Här President. Fir d’alleréischte wéilt ech gären der Rapportrice e groust Kompliment maache fir hire ganz komplette schréfflechen an och mëndleche Rapport. Si huet dat gutt gemeeschtert. A selbstverständlech wäerte mir och als Partei dat Gesetz hei an dee Rapport hei unhuelen an dat Gesetz ënnerstëtzen.

Ech wéilt awer vläicht nach eng aner Reflexioun derbäihänken, dat ass déi, dass mer hei an der Chamber reegelméisseg Orientierungsdebatten oder Consultationsdebatte féieren iwwert de Logement. An ech liesen da ganz dacks duerno oder ech schwätze mat Leit, an déi soen: „Jo, Dir hutt véier Stonne gepotert, a wat ass dann elo konkret derbäi erauskomm?“

Bon, ech ka mech awer ganz gutt erënneren: Am Mäerz 2018 hate mer hei eng Orientierungsdebatte, déi gefrot gi war vum deemolege Minister Marc Hansen, a wou ech d’Eier hat, fir meng Partei ze schwätzen, a wou mer déi doten Iddi vun deem Spezialfong fir de Logement als zentral Iddi hei op den Dësch bruecht hunn. An dat doten ass also elo, zwee Joer drop, Realitéit.

Et ass fir eis e wichtige Projet! Et ass eent vun deene wichtigsten Instrumenter, wat mer eis an dëser Legislaturperiode wäerte schaffen, fir dass mer eeben dat kënnen maachen, wat mer jo alleguer gären hätten, dass d’öffentlech Hand, dass d’Stad, de Staat, d’Gemengen d’Méiglechkeet kréien, fir un déi Terrainen ze kommen, déi se brauchen, fir selwer kënnen e groussen a wichtigen Acteur um Immobilie-marché ze ginn.

Meng zweet Reflexioun, déi ech awer vläicht wéilt un de Minister riichten, dat ass, an ech sinn iwwerzeegt, dass hei sech och scho Gedanken doriwwer gemaach huet: Mir hunn elo haut ganz vill iwwert d’Kris vum Corona geschwat, an, Här Minister, ech wollt lech soen, dass ech mer ganz eescht Gedanken maachen iwwert déi Leit, déi vläicht elo an deenen nächste Wochen duerch iergendeen Ëmstand géifen hir Wunneng gekënnegt kréien, e Locataire zum Beispill. An ech fannen, dass mir lech haut als Parlament quasi eng Vollmuecht ginn hunn, fir Initiativen ze huelen. An ech wär frou, wann Dir lech géift an der Regierung iwwerleeën, wéi mer kënnen déi Leit viru Kënnegunge schützen. Well ech ka mer net virstellen, wéi dat muss si fir eng Famill, wann déi elo an deenen nächste Wochen an Deeg géif virun d’Dier gesat ginn. Do musse mer dat onbedéngt am A behalen.

An eng drëtt Reflexioun, déi ech gäre géif mat op de Wee ginn: Ech war e bëssen erfreit, dës Woch huet eng Bekannte mer ugeruff, déi schafft fir e Finanzinstitut an déi huet mer gesot, dass se scho laang net méi esou vill Immobilientransaktiounen hate wéi dës Woch.

An dat wonnert mech net, wann ech kucken, wéi de Cours vun de Boursen ass. Net nëmmen hei an Europa, mee weltwäit. A mir wëssen, dass, wa verschidde Boursen an de Keller ginn, dann d’Leit éischter d’Tendenz hunn, erëm a Valeur-sûren ze investéieren. An eng vun de Valeur-sûren, dat ass de Logement, dat ass de Steen. An duerfir mengen ech, dass mer onbedéngt mussen, a relativ séier, reagéieren, fir zum Beispill Investissementer ze limitéieren, déi fir Spekulationszwecker gemaach ginn, besonnesch wa se aus Drëttstaate kommen.

Do weess ech, dass d’Regierung jo schonn amgaangen ass, un esou Saachen ze schaffen. Ech mengen, dass mer elo an enger Situatioun sinn, wou mer net allze laang kënnen waarden, fir do aktiv ze ginn. An dat wollt ech awer haut onbedéngt nach der Regierung mat op de Wee ginn.

Villmools merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Cruchten.

Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Jeff Engelen.

► **M. Jeff Engelen (ADR).**- Merci, Här President. Ech géif der Madamm Rapportrice Merci soe fir hire Rapport. Ech mengen, all Initiativ, fir de Logement ze bewältegen, ass ëmmer wëllkomm.

An ech ginn duerfir den Accord vun eiser Fraktioun.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Engelen.

An da wier et um honorabelen Här David Wagner. Här Wagner, Dir hutt d’Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Ech wäert och net allze laang schwätzen. Déi sanitär Kris féiert eis vill aner Krisen nach vill méi daitlech virun Aen, natierlech och d’Logementskris. Hir Effekter an hiert Ausmooss ginn an der aktueller Situatioun, duerch vill verschidden, direkt vun hir concernéiert Leit kloer siichtbar:

- duerch d’Leit op der Strooss, déi keen Doheem hunn, well si sech et net méi leeschte kënnen oder hiert Doheem wéinst perséinleche Schicksalsschlei verluer hunn;

- duerch Leit awer och, déi schlecht logéiert sinn, zum Beispill Bénéficiaires de protection internationale, déi weider an de Foyers bleiwe mussen, well se néierens e bezuelbaart Doheem fannen;

- duerch Familljen, déi zu ze vill op ze klenger Fläch wunne mussen an elo wochelaang do musse sëtzen;

- duerch déi Leit, déi a Cafészëmmere wunnen an elo ouni de Bistro, deen zou ass, mol vläicht keng Méiglechkeet hunn, eppes Waarmes z’iesse ze kréien, ausser se konnte sech vläicht aneschtens organiséieren. Wou ee sech och d’Fro stelle muss, wat do kéint ënnerholl ginn.

Kann dëst Gesetz derzou bäidroen, fir dës Logementskris weinstens e bëssen anzédammen? Op den éischte Bléck hu mir als déi Lénk gemengt, datt d’Kreatioun vun dësem Fong villversprechend kéint sinn. De Staat kuerbelt elo d’Acquisitioun vun Bauterrainen a bestoendem Wunnraum un a baut a verlount iwwer öffentlech Promoteuren zu méi gënschtegen Tariffer.

No méi geneeër Betruechtung hu mir awer festgestallt, datt dee Fong net dee grouse Quantessprung ass. Firwat? Et handelt sech éischer ëm e Kontasexercice, wou verschidden Artikelen am Budget zesummegefaast an additiéiert ginn. Am Budget pluriannuel ass fir déi nächst Joren nëmmen eng kleng Steigerung vun den Ausgaben am Logement virgesinn. An et ass och kee Gestionsgremium virgesinn. Doduerch fällt et schwéier, sech virstellen, wéi dese Fong strateegesch wirksam an der Logementspolitik kann agesat ginn.

Am Commentaire des articles gëtt de Comité d’acquisition vum Finanzministère genannt, deen hei e seriöt Wuert matzeschwätzen huet. Mir ginn awer net dervun aus, datt dem Finanzministère besonnesch vill dru läit, an de Logement staark ze investéieren.

Aus deene Grënn schwätzt fir eis vill derfir, datt sech an der Praxis mat dësem Fong net vill ännert. Mir begrëssen awer, datt duerch d’Zesummeféierung vun de Budgetartikelen an d’Erstellung vun engem annuelle Rapport eng gewëssen Transparenz an dës Investitiounen erakënn an esou och en Hiewel wäert entstoen, fir politesch ze argumentéieren an Drock opzebauen, eppes wat bis elo méi schwéier méiglech war opgrond vun der Villzuel vu verschiddene Budgetposten.

Mir stëmmen dese Projet dofir och mat. Mir mengen awer och, datt dat heite just ee vu ville Bausteng ka sinn, fir nach weiderzeschaffen. Eng Rëtsch vun deene Bausteng hu mir och schonn oft genannt, beim Pacte Logement 2.0 ënner anerem.

Jo, den Här Cruchten, Här President, huet och virduen déi wichteg Saach ugeschwat vun de Locataire, déi kéinte Victimme gi vun engem Deguerpissement respektiv déi och hire Loyer net méi kënnen bezuelen.

Ech hat eng Question parlementaire dozou gestallt viru Kuerzem. Ech verstinn och, an ech wollt just prinzipiell soen: Mir stellen heiansdo Questions parlementaires, mir wëllen domadder keng Beamten nerven, mee heiansdo kënn een net derlaanscht. Mir sinn och net rosen, wann d’Fro spéit kënn oder wa se vläicht quer net kënn, an et gëtt schonn ëmgesat! Well heiansdo reagéiert d’Regierung och relativ schnell.

Mee ech mengen, do muss ee wierklech relativ schnell agéieren, an et geet net duer, wéi de Staatsminister virdru gesot huet, op de gudden

Wëlle vun de Propriétaires ze setzen. Ech mengen, soss brauche mer keng Politik ze maachen! An dat doten ass eng Urgence.

Jo, an och déi vill Immobilientransaktiounen. Wéi gesot, mir hoffen all, datt déi heite Kris net ze vill laang dauert, datt mer esou schnell wéi méiglech aus där Kris erauskommen.

Wa mer aus där Kris erauskommen, da wäerte mer vill Diskussiounen féieren, jee méi laang se dauert, well et kënn och nach eng ekonomesch Kris. Jee méi laang se dauert, wäerte sech méi Froen stellen a warscheinlech musse mer immens vill Saachen, déi selbstverständlech waren, a Fro stellen.

An ech mengen, mir hu viru Kuerzem och elo gesinn, wien indispensable ass, wat fir eng Beruffer indispensable sinn, ouni déi mer net kënnen funktionéieren, an de Commercen, am sanitäre Beräich an esou weider.

Immobiliespekulante gehéieren, mengen ech, net zu den indispensable Beruffer. Dat hu mer elo gemierkt. An ech mengen, datt si eng ganz schlëmm Roll spillen! A mir wäerten, mengen ech, no dëser Kris awer ganz seriö diskutéieren, wéi mer weiderginn.

Mir ware bis elo fein, a mir hu gesot, datt mir si e bësse besteieren, déi Immobilientransaktiounen, déi Deierecht, déi entsteet. An ech hoffen, datt mer och iergendeng Keier e Bericht kréien hei zu Lëtzebuerg, no der Kris, vun all deene Mefaiten vun de Spekulanten, deenen ee wierklech awer ganz seriö no dëser Kris hannendru goe muss. Ech mengen, dat wär wierklech de Moment, well et kann een net méi nokucken, datt, zemools an enger Kris, elo gewësse Leit wierklech ferm profitéieren vum Misär vun de Leit. Dat ass einfach net méi akzeptabel! A mir wäerte ganz ferm doriwwer diskutéieren an, ech hoffen, och agéieren no dëser Kris.

Ech soen lech Merci.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Wagner.

Leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d’Wuert.

► **M. Sven Clement (Piraten).**- Merci, Här President. Merci och der Rapportrice fir de Rapport. Ech hu mer och vu mengem Parteikolleg soe gelooss, datt d’Gesetz soll mat Jo bescheideg ginn. Et ass e gutt Gesetz. Et suergt fir méi Transparenz. Et suergt derfir, datt déi Fongen, déi virduen op enger ganzer Rëtsch Plaze stoungen, endlech regroupéiert ginn. An do-duerjer s, datt ee méi Transparenz kritt, mierkt ee vläicht dann och, wou et vläicht eng Keier un de Sue mangelt, an da kann een och méi einfach géigesteieren.

Ech wëll awer dem Yves Cruchten Merci soe fir wierklech d’Lancéiere vun engem Debat, deen, mengen ech, ganz wichteg ass. An dat ass, datt mer grad an enger Kris net déi nächst Kris däreifen eropbeschwieren. An Däitschland huet d’Regierung ewell eng Gesetzespropositioun op de Wee bruecht, wou se eebe grad d’Evictioun während der Coronakris wëlle verbidden.

Ech wëll net esou wäit goen an der Regierung elo scho soen: „Maacht dat oder dat!“ Mee ech denken, datt Der an aussergewöhnlechen Zäiten aussergewöhnlech Léisunge musst huele fir aussergewöhnlech Problemer. An ech hoffen, datt mer do an deenen nächsten Deeg - well d’Enn vum Mount an domadder d’Deadline, fir de Loyer ze bezuelen, kënn ëmmer méi no - konsequent Schrëtt wäerten huelen, fir eebe genau dat doten ze verhënnern: Datt um Enn vum Mount, um Enn vum nächste Mount net nëmme Leit am Spidol leien, mee och nach Leit op der Strooss sëtzen, well se eebe grad näischt méi vir an näischt méi hannen haten, fir de Loyer ze bezuelen.

Elong op de gudden Wëllen ze goen, ech mengen, do musse mer eis alleguer näischt virmaachen! De gudden Wëlle funktionéiert, wann de Baileur deen ass, deen ee kennt aus dem nämmlechen Haus, vläicht nach aus där nämmlecher Strooss. Wann dat awer en internationalen Immobilienfong ass, do ass d’Chance fir ze verhandelen dach vläicht daitlech méi kleng, mengen ech.

Deementspreechend: Merci, Yves, fir déi Proposition. Ech mengen, datt mer do alleguerten eis Responsabilitéit mussen huelen an datt dat eppes ass, wou mer och sollten déi nächst Woche ganz séier dru schaffen.

Dat gesot, ginn ech awer den Aval fir dese Projet.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Clement. D’Regierung huet



d’Wuert, den Här Logementsminister Henri Kox.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Henri Kox, Ministre du Logement.**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, éier ech zum Gesetz kommen, wëll ech lech awer och vu menger Säit Merci soen: éischstens, fir déi ganz gutt Debatt haut de Mëtten an och fir Är Eestëmmegkeet, fir der Regierung hei dat Noutstandsgesetz kënnen ze ginn, well et erlaabt effektiv, Virkéierungen ze treffen, fir deenen ze hëllefen, déi et am meeschte brauchen, a fir - Dir hutt et selwer scho gesot an Aren Debatten an ech konnt dat och hei nolauschteren - deenen, déi wierklech elo infizéiert sinn, schnell, effikass an hoffentlech esou ze hëllefen, dass se och eng Besserung erfueren. An net ze vergiessen och alleguerten deenen, déi vu mueres bis owes do am Asaz sinn. An ech weess dat, dass mer vill mat deene Leit diskutéieren, fir hinnen entgéintzekommen. Dofir e grouse Merci un lech, dass dës Debatt haut konnt gefouert ginn!

Och e grouse Merci, mengen ech - et ass och vläicht virdu bei de Finanzgesetzter gesot ginn, firwat dëst Gesetz dann haut huet missen zur Ofstëmmung kommen -, well et ass och wichteg während där schwéierer sanitärer Kris, déi mer hei duerchliewen, dass och de Staat a sengem Funktionement iergendwéi nach erhale bleift, dass mer och kucken, Gesetzter, Reglementer, Upassungen - an et sinn eng ganz Rei vu Virschléi virdu komm - och kënnen ze debattéieren an opzehuelen an eis virzebereeden, fir dass mer awer och prett si während der Kris, awer och no der Kris, déi richtig Instrumenter ze fannen. An dofir dann awer nach eng Kéier merci un lech als Chamber, dass Der déi Verantwortung iwwerholl hutt an och dat esou organiséiert hutt, dass mer haut konnten, niewent där Debatt vun de Mëtten iwwert d’Krisegesetz selwer, awer och nach dat eent an dat anert Gesetz stëmmen.

Zum Gesetz selwer: Et ass scho virdrun, éischstens, vun der Rapportrice gesot ginn ... An domat wëll ech och dann immens Merci soe fir den ausféierleche schrëftlechen - deen hunn ech och gelies - an och mëndleche Rapport, deen d’Madamm Ahmedova hei presentéiert huet. Si huet gesot, dass mer e Fong kreéieren, fir méi schnell, méi effikass, méi transparent kënnen am Logement virzegoen.

A virdrun huet den Här Lies gesot: „dräi Milliounen.“ Dräi Milliounen stinn do an engem Artikel fir anzekafen. Dëse Fong regroupéiert awer, mengen ech, 156 Milliounen. Déi ginn net duer! Dat hunn ech schonn des Ëftere gesot. An déi wäerten och net duergoen. An dee

wäert och musse mat ëffentleche Sue gespeist ginn, fir dass mer méi schnell a méi effikass kënnen virgoen.

Firwat ass d’Urgence hei ginn? Well mer eeben och am Gesetz stoen hunn, mir sollen et fir den 1. Abrëll fäerdeg hunn, fir och déi Transaktioun ze maache vun all deenen Artikelen, déi Der am Gesetz fannt, fir déi eriwwerzeregruppéieren an dëse Fong. An dat ass en technesche Virgang, deen zesumme mam Finanzministère elo muss duerchgezu ginn.

Dofir wëll ech awer och vun dëser Plaz aus profitéieren, fir de Mataarbechter souwuel am Logementsministère wéi och am Finanzministère Merci ze soen, well déi probéieren elo trotz dësem net esou einfache Fonctionéieren iwwer Teleaarbecht, och dës Transaktiounen duerchzeféieren, fir dass dat fir den 1. Abrëll kann a Kraaft trieden.

Ech hunn et virdu gesot, dass d’Gesetz méi schnell soll kënnen agéieren, méi séier deene Leit hëllefen - an den Här Lies hat eng ganz Rei vu Projekte genannt, déi heimadder finanzéiert ginn -, méi schnell, och méi effikass, awer virun allem transparent. An et war vun Ufank u geduecht, fir hei eng Debatt ze féieren, eng alljärelech Debatt.

Op Basis vun deem Programm kënnen mer genau kucken: Wou hu mer investéiert? Wou musse mer noleeën? Awer och transparent si virun deenen, déi et maachen. Well et ass net de Staat eleng. D’Gemenge sinn och hei an der Responsabilitéit. An dofir si mer jo amgaangen, dee Pacte Logement esou ze gestalten, dass mer zesumme mat de Gemengen dat kënnen ëmsetzen. An da gesäit een och, wien investéiert, wéi investéiert gëtt a wat investéiert gëtt. A mir mussen do Hëllefstellunge ginn, fir dass dat, déi Dynamik och bis ënnen op den Terrain kann ëmgesat ginn.

Et ass och kloer, an do si mer och am Konsens: Déi nächst Wunnenge musse méi ëffentlech ginn. Si musse méi abordabel sinn. A si mussen och méi nohalteg ginn, an dat am duebele Sënn: Nohaltegkeet, éischstens, wat hir Energieversuergung ugeet, awer och, zweetens, wat d’Längt vun der Abordabilitéit vun der Wunneng ugeet, fir dass mer se net erëm verléieren, wéi dat an der Vergaangenheet vläicht de Fall war.

A mir brauche se alleguerten! Et ass wéi elo an der Kris, an der Sanitärkris, mir brauche se am Logement alleguerten: de Staat, hunn ech gesot, d’Gemengen, hunn ech och gesot, d’Zivillgesellschaft, awer och privat Gesellschaften.

Mir sinn amgaang, eng ganz Rei Projekten ze finalliséieren, och während dëser Phas. Si sinn all amgaang, doheem un deene Projekten ze schaf-

fen, fir dass mer zäitno och zu eenzelne Projekte mat lech an d’Diskussioun kënnen kommen.

Dofir nach vläicht op déi dräi, véier Froen, déi virdu gestallt gi sinn, eng kleng Äntwert. Éischstens, déi vum Här Cruchten.

Jo, mir hunn et um Radar. Mir sinn amgaang, alles ze kucken - ech, mir si jo stänneg a Kontakt, och am Regierungsrot -, wou ee wat muss uleeën. An dat doten hu mer um Radar: éischstens d’Leit, déi vläicht kéinte gekënnegt kréien oder déi a finanziell Schwieriegkeete kommen. Virdrun ass gesot ginn - ech mengen, den Här Mosar huet et gesot -, vun de Loyereren, déi d’Betriber musse bezuelen, dass se net am Ree sollte stoe gelooss ginn. Mir jiddefalls, wat de Fonds du logement ubelaangt, do si mer amgaang ze kucken, wat a wéi mer deene kënnen entgéintkommen. Dat si Packagen, déi musse mer plangen. An et ass och un lech, Informatiounen un eis erunzedroen, fir dass mer dat och kënnen weiderginn.

Zum Här Wagner vläicht ganz kuerz: En huet gesot, wa mer d’Acquisitioun vun Terraine maachen ... Mir hunn eng Strategie! Déi Strategie ass elo - de Finanzministère zesumme mam Logement -, fir eebe cibléiert un d’Leit erunzetricieden. An de Plang war, fir, wann dëst Gesetz bis steet, och méi Reklamm dobaussen ze maache mat deem Taux zéro, dee mer de Leit kënnen ubidden, wann eng Privatpersoun der ëffentlecher Hand en Terrain verkeeft. Dat Instrument ass dobaussen net esou bekannt a mir wëllen dat och méi an d’Offensiv setzen.

Gutt. Ech mengen, Dir hat e laangen Nomëtteg. Ech wëll och domadder schléissen. Ech soen lech awer villmools Merci fir déi breet Ënnerstützung. A mir wäerte sécherlech zrëckkommen, fir nach eng Kéier iwwert de Logement ze schwätzen.

Merci.

► **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci dem Logementsminister, dem Här Henri Kox. D’Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7495. Den Text steet am Document parlementaire 7495⁶.

Ech wollt drop hiweisen, datt den noutwendige Quorum fir de Vott ginn ass. Mir maachen elo e Vote par appel nominal. Dofir zéien ech fir d’éischt deen Deputéierten, dee fir d’éischt ofstëmmt. Duerno geet et der alphabetescher Reiefolleg no.

Vote sur l’ensemble du projet de loi 7495 et dispense du second vote constitutionnel

D’Ofstëmme fänkt un.

Appel nominal (votes personnels)

Sou, wien dann elo nach wëllt e Vote par procuration eraginn, dat maache mer dann elo.

Appel nominal (votes par procuration)

D’Resultat ass follgend: 60 Jo-Stëmmen. De Projet 7495 ass domadder eestëmmeg ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par M. Gilles Roth), MM. Emile Eicher (par M. Félix Eischen), Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Martine Hansen), Marc Lies, Georges Mischo, Mme Octavie Modert (par M. Léon Gloden), M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), MM. Gilles Roth, Marco Schank (par M. Paul Galles), Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Diane Adehm), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Georges Mischo) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi (par M. Fernand Etgen), Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn (par M. Gusty Graas), Mme Carole Hartmann (par M. Gilles Baum), MM. Pim Knaff (par M. André Bauler), Claude Lamberty (par M. Guy Arendt) et Mme Lydie Polfer (par Mme Simone Beissel) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz (par M. Yves Cruchten), M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton (par M. Mars Di Bartolomeo), Francine Closener (par M. Georges Engel), MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Claude Haagen, Mmes Cécile Hemmen (par M. Dan Biancalana) et Lydia Mutsch (par M. Claude Haagen) ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back (par M. François Benoy), François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary (par Mme Semiray Ahmedova), M. Marc Hansen (par Mme Djuna Bernard), Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue (par Mme Josée Lorsché) ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen (par M. Sven Clement) ;

MM. Marc Baum et David Wagner.


Freet d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Domadder si mer um Enn vun der Sitzung ukomm. D’Sitzung ass opgehuewen. Haalt lech monter a bleift gesond!

(La séance publique est levée à 19.34 heures.)



Présidence : M. Fernand Etgen, Président

Sommaire

1. Ouverture de la séance publique

- M. Fernand Etgen, Président

2. Communications

- M. Fernand Etgen, Président

3. Ordre du jour

- M. Fernand Etgen, Président

4. Discours de M. le Président

- M. Fernand Etgen, Président

5. Dépôt d’une motion par M. Fernand Kartheiser

- M. Fernand Kartheiser

6. Dépôt d’une motion par M. Marc Baum

- M. Marc Baum

7. 7532 - Projet de loi relative à la mise en place d’un régime d’aides en faveur des entreprises en difficulté financière temporaire et modifiant la loi modifiée du 19 décembre 2014 relative

1) aux mesures sociales au bénéfice des artistes professionnels indépendants et des intermittents du spectacle

2) à la promotion de la création artistique

- Rapport de la Commission des Classes moyennes et du Tourisme : Mme Carole Hartmann

- Discussion générale : M. Marc Spautz (dépôt de la motion 1) (intervention de M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes) - M. André Bauler - Mme Tess Burton - Mme Stéphanie Empain - M. Roy Reding - M. Marc Baum - M. Sven Clement - Mme Octavie Modert (dépôt de la motion 2)

- Prises de position du Gouvernement : M. Lex Delles, Ministre des Classes moyennes - M. Franz Fayot, Ministre de l’Économie - Mme Sam Tanson, Ministre de la Culture

- Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

- Vote sur la motion 1 (adoptée)

- Motion 2 (renvoi en commission)

8. Motion de M. Fernand Kartheiser relative à l’invitation adressée au Gouvernement à ne pas prendre de décisions qui pourraient provoquer des conflits inutiles entre les États membres de l’Union européenne

- Discussion générale : M. Gilles Baum - M. Claude Wiseler - M. Marc Baum - M. Sven Clement - M. Fernand Kartheiser (interventions de M. Sven Clement et M. Claude Wiseler)

- Vote sur la motion (rejetée)

9. Motion de M. Marc Baum au sujet de la présentation à la Chambre des Députés d’un bilan exhaustif de l’ensemble des dérogations émises par le Ministre du Travail, de l’Emploi et de l’Économie sociale et solidaire après la fin de l’état de crise

- Discussion générale : M. Georges Engel

- Vote sur la motion (adoptée)